# Bréif aus Mexico

Onse Mataarbechter John Goldschmit proposéiert, Suen ze sammelen, di en dem Fränz Graffé op sécherem Wee an ouni Fräën zoukomme léisst. Wee säint wëllt dozou bäidroen, ka séng Zomm op den CCP 33965-15 vum John Goldschmit mam Vermierk 'Mexico' iwerweisen.

Léif alleguer,

Et si schons e puer Méint eriwwer, säit ech Iech e Bréif geschriwwen hun iwert d'Sitatioun hei a Mexico, an Dir hutt bestëmmt an de Noriichten op der Televisioun an an der Zeitung gesin a gelies, dass di politesch a wirtschaftlech Situatioun hei nët grad di bescht as. De Peso as iwer 100% entwäert gin. Si hun elo e Wirtschaftsprogramm bekannt gin, fir der Situatioun entgéintzewierken: de Benzin as 35% erhéicht gin, Elektrizitéit a Gas 20%. D'Inflatioun soll nuren 42% am Joer erreechen, mee vill schwetzen dervun, dass ët wuel ëm 80% gin. An de Mindestloun soll nuren ëm 10% erhéicht gin. Da wäert en ëm 2,5 Dollar den Dag leien. Dat as den Honger fir Millioune vu Mexikaner. D'Liewen as ewell ganz deier hei an ët freet een sech, wéi vill Familljen nach kënne iwerliewen. D'Mehrwertssteier gët vun 10% op 15% gehéicht, d'Fleesch soll 42% an d'Luucht goen. De fréiere President, ee vun de gréisste Gangster a Mäarder, as an der ganzer Welt als Wirtschaftsexpär gefeiert gin, well hien d'Land un d'Grousskapital verkaf huet. An de neie President, vu séngem Virgänger ernannt, fiert mat der selwechter Politik weider. Si hu Milliarden Dollar geklaut an d'Vollék weess ët, mee ët as schwéier géint dee System unzegoen, well si hun d'Muecht.

An dësem Gesamtbild wëll ech nuren e puer Saache verzielen, déi vun engem neie Mexico schwetzen, déi am Misär eng kleng Hoffnung bréngen. Virun zwou Wochen sin hei um Zocalo (1) ëm di 30 000 Einheimescher aus dem Chiapas ukomm. Si woren e puer Wochen ënnerwee, 1100 km zu Fouss. Si sin heihi komm, fir dass hinnen hiirt Recht soll unerkannt gin: Autonomie, Schoule, Recht op en Dokter, Elektrescht, Waasser, Stroossen, e Stéck Land fir kënnen ze liewen an d'Entwaffnung vun de Geheimgruppe vun de Groussgrondbesëtzer, déi si ëmleën wann ët hinne gefällt. Ennerwee hun d'Leit, di mat hinne sympathiséieren, se erniert, während d'Police se belästegt huet. Véierzéng Deeg logéieren se op Palmmatten um Zocalo, e Plastik als Daach. Am Dag as ët elo schrecklech waarm, mä nuets gët ët ganz kal. Vill Zivilorganisatiounen hu Kichen improviséiert an d'Leit sin opgeruff, fir hinne Liewensmëttel ze droen an se an hiren Demanden z'ënnerstëtzen. Mä wi ëmmer interesséiert d'Regirung sech nët fir si. De

leschte Freideg sin erëm 3 000 Einheimescher - 500 Dierfer nennen se sech - zu Fouss aus dem Staat Guerrero hei ukomm. Eenzelner hun iwert 400 km zu Fouss gemaach, oft ouni Schong, an si haten d'Féiss bluddeg, well si nët un de Makadam gewinnt sin. Dag fir Dag 40 km bei Temperaturen iwert 40 Grad. Ennerwee huet eng Fra hiert Kand kritt. Dun hun eenzelner hir gesot, si sollt dach heem goen. Si sot neen: "Wann ech dann zréckkommen, wat soll ech hinnen da soen am Duerf, wat d'Entwert vun der Regirung as? Ech kann dach nët mat eidelen Hänn heemgoen." Aus all Duerf hun der nët méi wi siwen däerfe matgoen. Si hun hei an der Par iwernuecht. D'Leit hun se erwaard mat Dëppe mat Iessen. Et war ganz kal hei an sou hun se an der Kierch geschlof. Ech hat d'Geleënheet eng Foto ze man, wu d'Teresa dat neigebuerent Kand um Aarm huet. Si hun him de Numm 'Marcos Consejo Guerrerense' gin: Marcos ewéi de Kommandant vun den Einheimeschen aus dem Chiapas an deen anere Numm vun hirer Organisatioun. An de Marsch no Mexico hun si genannt 'Mexico ni méi ouni ons'. Deen aneren Dag as de Bouf hei an der Par gedeeft gin. Elo leien si och um Zocalo. Si soen, si géife nët mi fortgoe bis d'Regirung dat Verspriechen, dat se hinne virun engem Joer gin huet, och erfëllt. Si sin aarm, mee nët domm, ganz politiséiert.

Dëser Deeg soll d'Regirung erëm mat der Guerilla am Chiapas en Dialog ufänken. Mä nom Verrot vu virun e puer Wochen as ët nët esou einfach. Et sin ëm di 60 000 Zaldoten do an déi hun alles an den Dierfer, di d'Zapatisten ënnerstëtzt hun an an den Urwald geflücht sin, zerstéiert, d'Liewensmëttele vergëft, dat wéinegt wat se hate geklaut, en trauregt Bild. Dëser Deeg si verschidde Karawanne mat Liewensmëttelen dohin; eng kënnt aus de Vereenegte Staaten (Pasteurs pour la paix), anerer gi vun hei fort, fir dësem Völkermord en Enn ze man. Zivilorganisatioune sin eng gudd Saach, mee ët as vill Aarbecht, well d'Televisioun seet näischt driwwer an all Organisatioune gi belästegt vun der Polizei an dem Geheimdéngscht, di alles wëllen zerstéieren. Mä d'Vollék organiséiert sech all Dag méi.

Ech mengen, do hu Dir e klengen Iwerbléck iwert alles, wat sech elo hei deet. Am Numm vun ons zwee alles Gudds fir Iech alleguer. Bis eng aner Kéier.

**Teresa a Francis,**
**Mexico, den 22. Mäerz 1995**




Romero
in: brennpunkt drëtt Welt

1) Grouss Plaz zu Mexico-City, wu ët virun en etlech Joer zu bluddegen Zesummestéiss tëscht Arméi an Demonstrante komm war. (d'Red.)